109/19

PIRATEN

Sensibilité politique
Boite postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
27 SEP 2019
1260
LR

Lëtzebuerg, den 27/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 10. August 1992 zum Jugendschutz huet am Artikel 15 en "registre spécial" geschaaft, dee vum Preposé vum Casier ze féieren ass. An dësem Register fannen sech all d'Decisioune vum Jugendriichter a vum Jugendtribunal, mee och all Condamnatioune vun engem Mineur.

Am Artikel 15 heescht et weider:

> Ces décisions et condamnations peuvent être portées à la connaissance des autorités judiciaires. Elles peuvent également être portées à la connaissance des autorités administratives dans les cas où ces renseignements sont indispensables pour l'application d'une disposition légale ou réglementaire, **ainsi que des tiers lésés**, s'ils le demandent.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ginn nach weider Informatiounen, wéi déi am Exposé genannten Decisiounen an Kondamnatiounen, an dësem "registre spécial" gespäichert?
   - Wa jo, wéi eng?
2. Wéi laang ginn d'Daten an dësem Register gespäichert?
3. Wéi vill Leit hunn Accès zu dësen Informatiounen? Wat sinn d'Zougangsvirausetzungen?
4. A wéi ville Fäll, opgeschlësselt no Joer an Destinataire, koum et an deene leschten 10 Joer zu Kommunikatioun vun dësen Daten nom Artikel 15 un:
   - Justizautoritéiten?
   - Verwaltungsautoritéiten?
   - Drëtter?
5. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, datt d'Dispositioun fir Daten aus dësem Casier vu Mineuren un "tiers lésés" ze kommunizéieren en vue vun der Evolutioun vum legislative Kader a vun der Dateschutzpraxis nach zäitgemëiss ass?
6. Wéi vill Datesätz ëmfaasst dëse Register?
7. Opgeschlësselt no Joer an Typ vu Consultatioun fir déi läscht 10 Joer, wéi vill Ecrituren (Ajouten a Modifikatiounen) a wéi vill Lecturë goufen op dësem Register duerchgefouert?
8. Gëtt et eng Journalisatioun vun den Accèsen an de Modifikatioune fir dëse

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Register?

9. Wéi eng Méiglechkeeten hu Persoune fir ze wëssen ob an dësem Register eppes iwwert si gespäichert ass a wien dës Date consultéiert huet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député